



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro (dréngend) n° 8284 vum 5. September 2023 vum Här Deputéierte Sven Clement a vum Här Deputéierte Marc Goergen.

Déi Honorabel Deputéierte stellen sech Froen iwwer Gemengereglementer. Aus der Fro geet awer net kloer ervir ëm wéi eng Zort vu Reglementer et sech dobäi handelt.

Wat de üblechen Oflaf bei Verkéiersreglementer betrëfft, gëlle laut Artikel 5 vum ofgeännerte Stroosseverkéiersgesetz vum 14. Februar 1955 folgend Reegelen. Esou ass et un de Gemenge souwuel déi kommunal wéi och déi staatlech (Nationalstroossen a 'Chemins repris') Stroossen innerhalb vun den Uertschaften an engem Gemengeverkéiersreglement ze reglementéieren. Ausserhalb vun den Uertschafte ginn d'Bestëmmungen duerch e groussherzoglecht Reglement festgehalten.

Aus der Fro geet och net ervir ob et sech em Stroossen handelt, déi innerhalb oder ausserhalb vun den Uertschafte leien an et ass natierlech och net méiglech ze soen, ob Verkéiersreglementer approvéeiert goufen oder net, ouni ze wëssen ëm wéi eng et sech handelt, respektiv wéi eng Stroosse betraff sinn.

Wat déi üblech Prozedur ugeet ass et esou, dass déi ministeriell Approbatioun vun de Gemengereglementer nëmmen déi definitiv oder temporär Verkéiersreglementer betrëfft, déi vun der reglementarescher Autoritéit vun der Gemeng, dat heescht dem Gemengerot, gestëmmt goufen.

Op Gemengenniveau kënnen awer och Verkéiersreegelen (och hei souwuel op Staats- wéi och op Gemengestroossen inneruerts) vum Schäfferot diktéiert ginn, déi dann direkt rechtskräfteg sinn an déi d'Regierung net als éischt approvéeiere muss. D'Bestëmmungen dierfen allerdéngs net méi wéi 72 Stonnen daueren.

Dozou bleift ze soen, dass Gemengeverkéiersreglementer vum Gemengerot déi net als éischt souwuel vum Minister fir Stroosseverkéier wéi vum Inneminister approvéeiert goufen, oder Reglementer vum Schäfferot déi méi wéi 72 Stonnen daueren, net gesetzeskonform sinn a soumat net oder net méi a Kraaft sinn.

Sollt et sech bei der parlamentarescher Fro awer em d'Ophänke vu Walplakater handeln, esou wéi kierzlech a verschiddene Medien thematiséiert, ass et richteg dat d'Ophänke vu dese Plakater laanscht Staatsstroossen duerch eng 'Permission de voirie' vum Minister fir ëffentlech Aarbechten autoriséiert gëtt. Dës Autorisatioun leet Bedéngungen am Sënn vu der Verkéierssicherheit fest, haaptsächlech wat d'Visibilitéit vu de Verkéiersbenotzer ubelaangt, wéi zum Beispill op Héicht vu Kräizungen, respektiv Rondelen. D'Anhale vun dese Bedéngunge gëtt vu der Stroossebauverwaltung kontrolléiert an d'Parteien och kontaktéiert am Fall wou d'Plakater net sollte konform sinn.

Policereglementer, wéi a der zweeter Fro vu den honorabelen Deputéierten ugedeit, falen awer net ënnert mäin Zoustännegkeetsberäich a menger Funktioun als Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten. Dofir kann ech déi Reglementer och net approvéeieren an och net bei de

Gemengen intervenéieren. Well ech fir d'Policereglementer also net zoustänneg sinn, huet d'Feele vu menger Approbatioun och keng Influenz op dës Zort vu Gemengereglementer.

Onofhängeg vun all deem, sinn ech der Meenung, dass angesichts der Dimensioun déi dat Ganzt ageholl huet, an d'Zukunft e sech muss d'Fro stellen, ob et net soll ganz ënnerbonne gi fir Plakater op Luuchtepottoen ze hänken.

Lëtzebuerg, den 11. September 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch